ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro vum 7. November 2016 (N°2541) iwwert d'Hondsrasse steet, datt déi am Hondsgesetz vun 2008 opgefouert Lëschtenhënn *„bis elo net weider opfälleg waren am allgemenge waat Bäiss-Tëschefäll ubelaangt.*" Weider heescht et: *„Déi meescht Accidenter geschéien duerch verschidde Rassen oder Mischlingen, oft si kleng Rassen bedeelegt wéi Jack-Russel-Terrieren oder Dackelen (…) och e schmusereschen Hond ka bäisse wann en net déi richteg Erzéiung oder Haltung kritt.*" Fir eben de richtegen Ëmgang mam Hond ze léieren, ginn hei zu Lëtzebuerg Formatiounscoursen ugebueden, déi den Hondsbesëtzer op fräiwëlleger Basis absolvéiere kann.

An deem Kontext géif ech dem Här Landwirtschaftsminister gär dës Fro stellen:

1. Leien dem Här Minister Zuelen vir, wéivill Leit dës Formatiounscoursen bis elo matgemaach hunn?
2. Wéi eng Erfarungen goufen bis elo mat deene Coursen gemaach?
3. Wär et an den Ae vum Här Minister net sënnvoll, dës Course méi ze promovéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique